# Discours du Premier ministre Xavier Bettel à l’occasion du 150e anniversaire du traité de Londres

11.05.2017

Seul le discours prononcé fait foi

Altesses Royales,

Exzellenzen,

Léif Invitéen,

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech si keen Historiker, erlaabt mer trotzdem iwwert een entscheedende Moment an der moderner Geschicht vun eisem Land ze schwätzen. Och wann d'Geschicht vun der Stad a senger Festung zréck bis an d'Joer 963 geet, esou gouf de Grondstee vum moderne Lëtzebuerg den 11. Mee 1867 op der internationaler Konferenz vu London geluecht, also haut op den Dag haut virun 150 Joer.

Fir d'Lëtzebuerger Land vun haut ze verstoen, ass et wichteg ze wësse wéi a firwat Lëtzebuerg am 19. Joerhonnert zu engem eegestännegen Nationalstaat ginn ass. 1867 ass eng ganz wichteg Étappe an der Entwécklung vu Lëtzebuerg, a wéi sou oft an der Geschicht wieren d'Evenementer vun 1867 net méiglech gewiescht wann net zwee aner wichteg Evenementer e puer Joerzéngte virdru geschitt wieren.

De Wiener Kongress vun 1815 huet de Grondstee fir de Grand-Duché vu Lëtzebuerg geluecht, a säi Besëtz a seng Souveränitéit dem Kinnek vun Holland iwwerdroen. Gläichzäiteg awer decidéiert de Kongress, dass eng preisesch Garnisoun mat bis zu 4.000 Zaldoten an der beandrockender Festung vun der Stad stationéiert soll ginn.

Déi ganz Stad lieft deemools nom Rhythmus vun hirer Festung, an obwuel vill Léit vun den Aktivitéite vun der Garnisoun profitéieren, dierfe mer net vergiessen datt Lëtzebuerg a sech een aarmt Land war.

Well se keng Perspektiv fir sech gesinn hunn, huet sech eng grouss Majoritéit vun de Lëtzebuerger um Land der belscher Revolutioun vun 1830 ugeschloss. Nëmmen d'Stad, gutt bewaacht vun der preisescher Garnisoun, ass dem hollännesche Kinnek trei bliwwen.

Dës onstable Situatioun gouf op der éischter Konferenz vu London, den 19. Abrëll 1839, geléist. Op dëser Konferenz ass déi heiteg westlech Grenz vum Grand-Duché méi oder manner op der Sproochegrenz festgeluecht ginn. De westlechen Deel mat Arel ass zur belscher Province du Luxembourg ginn an den ëstlechen Deel, do wou Lëtzebuergesch geschwat ginn ass, ass weiderhin de Grand-Duché bliwwen, mam hollännesche Kinnek als Staatschef. Iwwregens, erlaabt mir kuerz ze bemierken, dass 1839 kee vun deene betraffene Lëtzebuerger Bierger huet dierfe mat um Verhandlungsdësch sëtzen, grad wéi och 1815.

Allerdéngs hat déi diplomatesch Léisung vun 1839 d'Fro vun der delikater Balance vun de Muechtverhältnisser an a ronderëm Lëtzebuerg – virun allem mat senger Festung an de preiseschen Zaldoten – net geléist. An effektiv, d'Kris déi Ufanks Abrëll 1867 iwwert Lëtzebuerg ausgebrach ass, gouf duerch de Risiko vun enger Verschibung vun de Muechtverhältnisser ausgeléist. Wat war geschitt? Souguer an där Zäit haten d'Medië schonn e groussen Afloss, a wéi bekannt ginn ass datt de Keeser

Napoleon den III. wëlles hätt dem hollännesche Kinnek de Grand-Duché fir 5 Millioune Gulden ofzekafen, do huet et nawell rumouert.

Wéi de preisesche Kanzler von Bismarck sech géint de geplangte Verkaf vun deem wat hien als “aalt däitscht Land” mat enger strategescher Festung bezeechent huet, gestallt huet, – Iwwerreschter vun där Befestegung kënnt Dir hei nach gesinn –, huet d’"Lëtzebuerger Fro" sech séier zu enger grousser Kris entwéckelt. Ee groussen europäesche Krich konnt net méi ausgeschloss ginn.

Et war an dësem cruciale Moment am Abrëll 1867, wéi de Prënz Hary vun Holland, de Brudder vum Kinnek-Grand-Duc an zënter 1849 dem Kinnek säi permanente Vertrieder zu Lëtzebuerg, hannert de Kulissen aktiv ginn ass. Hien huet gefaart datt hien duerch de Verkaf vu Lëtzebuerg zum "Prënz ouni Land" géif ginn. Den Hary encouragéiert d'Lëtzebuerger Regierung ënnert hirem President, Baron Victor de Tornaco, sech fir dem Grand-Duché seng Onofhängegkeet an Autonomie ënnert der Nassau Dynastie anzesetzen. An deem Kontext muss een nach erwähnen datt den hollännesche Kinnek Wëllem den III. a säi Brudder de Prënz Hary, Cousinë vum Zar Alexander den II. waren, an zwar duerch hir Mamm, d’Kinnigin Anna Pawlovna, d’Witfra vum Kinnek-Grand-Duc Wëllem den II.

Déi grouss Puissancen, Preisen, Frankräich, d‘Belsch, Holland, Éisträich-Ungarn, dat nei etabléiert Kinnekräich Italien, mä virun allem Groussbritannien an d’russescht Keeserräich hunn diplomatesch Gespréicher gefouert, a schonn Ufank Mee war een Accord mat folgendem Kompromëss erreecht: 1. Evakuéierung vun der preisescher Garnisoun an d’Schläife vun der Festung; 2. Lëtzebuerg gëtt en neutrale Staat wou d’europäesch Puissancen am Kollektiv fir d’Neutralitéit garantéieren, esou wéi et u sech och 1839 bei der Belsch de Fall war; 3. D’Famill Orange-Nassau regéiert weider iwwer Lëtzebuerg.

Et gouf ofgemaach den 11. Mee 1867 eng Konferenz zu London ze organiséieren, un där och zwee Vertrieder vu Lëtzebuerg deelgeholl hunn: de President vun der Regierung, de Victor de Tornaco an de Vize-President vum Staatsrot, den Emmanuel Servais. Et sinn hir Ënnerschrëften déi Dir an der Ausstellung ënnert den aacht Exemplairë vum Traité vu London kënnt gesinn, nieft deene vun den Europäesche Puissancen déi als Garante mat ënnerschriwwen hunn.

Dëst ass déi grondsätzlech Neierung vum 2. Londoner Vertrag vun 1867 am Verglach zu deem vun 1839. Vun engem einfachen "Objet", engem Spillball vun der internationaler Politik, vun enger Entitéit fir déi Joerhonnerte laang Decisiounen ouni seng Vertrieder geholl goufen, gëtt Lëtzebuerg elo erëm zu engem Acteur, och wann d’Land neutral an onbewaffnet bleiwe muss.

Dëst ass den Ufank vun der internationaler Emanzipatioun vum Grand-Duché, déi den 11. Mee 1867 an d’Liewe geruff ginn ass, a mir si stolz haut dëse Joresdag an der Präsenz vun de Vertrieder vun de Garantestaaten, ze feieren. Et besteet eng direkt Linn tëscht 1867 an där Roll déi Lëtzebuerg haut an der UNO an an der Europäescher Unioun spillt.

Och wann déi onbewaffnet Neutralitéit am Ufank zu groussem Fortschrëtt gefouert huet, huet si sech net als staark genuch erausgestallt fir d’Land éiweg ze protegéieren. Haut ass d'Europäesch Unioun d’Réckgrat vun eiser Onofhängegkeet a vun eisem Wuelstand. Mir si frou en Deel vun dëser Europäescher Famill ze sinn, déi op Rechtsstaatlechkeet, Gerechtegkeet a Fridde fousst. Iwwerdeems de

Londoner Vertrag eis Souveränitéit an Neutralitéit ginn huet, huet d'Europäesch Unioun eis zu engem Acteur op europäeschem Plang gemaach, mat deeneselwechte Rechter a Flichte wéi déi aner Memberstaaten.

Lëtzebuerg wäert säi laangen an oft stengege Wee, deen et iwwer déi lescht 150 Joer gaangen ass, net vergiessen an ech wëll dëse Moment notzen de Vertrieder vun de Garantestaate Merci ze soen dass si mat de friddleche Verhandlungen zu London de Grondstee geluecht hu fir de Lëtzebuerger hir europäesch Vocatioun an dem Land seng Roll haut an Europa.